



N° 7334  
Entrée le 07.12.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 07.12.2022)

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/12/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Zanter dëser Woch gi viru Geriicht d'Virwërf géint d'Gerante vun enger Crèche gepréift. Der Ugeklote gëtt premeditéiert Kierpverletzung géint Kanner a Salariéeë virgehäit.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kontrolle goufen an deene leschte 5 Joer bei privat Crèche gemaach, fir sécher ze stellen, dass den Agrément agehale gëtt?
2. Wéi vill Prozent mëscht dat en vue vun der Gesamtunzuel u private Crèchen aus?
3. Wéi vill Crèchë goufe méi wéi 1 Kéier an de leschte 5 Joer kontrolléiert a wéi oft?
4. Wat fir Verstéiss goufe bei dëser Kontrolle festgestallt? Kann d'Ministesch duerleeën, wéi vill Prozent déi jeeweileg Verstéiss par rapport zur Gesamtunzuel u Verstéiss ausmaachen?
5. Wat fir Prozedure ginn ageleet am Fall wou Verstéiss festgestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Deputéierten

